FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

Walspezial 2/5 : Bilan vun der FÉDUSE (2020 - 2025)

Spezifesch Verdéngschter an Errongenschafte vun der FÉDUSE

Nieft der Participatioun un onzielege Reuniounen um MENJE, op der Fonction publique an innerhalb vun der CGFP besteet d'Alldagsaarbecht vun eisem Comtié virun allem aus der gewëssenhafter a vertrauensvoller Berodung vun eise Memberen – sief et per Mail oder per Telefon.

Zesumme mat eisem Daachverband, der CGFP, huet d'FÉDUSE iwwert déi lescht 5 Joer villes erreecht:

✓ Besser Bezuelung vun den Iwwerstonnen am Enseignement

Mam Gehälterofkommes vum 29. Januar 2025 gouf – mat Ënnerstëtzung vun der CGFP – eng vun den Haaptfuerderunge vun der FÉDUSE vun deene leschte Joren duerchgesat, nämlech d'Ofschafe vum ominéise Facteur correcteur 36/52 op den Indemnitéite fir d'Iwwerstonnen. Konkret bedeit dat, dass de Loun fir eng Iwwerstonn zukünfteg ëm iwwer 44 % klamme wäert !

✓ Reform vun der Affektatiouns- a Mutatiounsprozedur

D'Employéë ginn ab elo an d'Affektatiouns- a Mutatiounsprozedur mat agebonnen. Dobäi gëtt hinnen iwwerhaapt emol d'Recht op Mutatioun zougestanen. De Statut vum Fonctionnaire an domat och de Rekrutement iwwert de Wee vum Examen-Concours gëtt gestäerkt andeems d'Fonctionnaire beim Besetze vu Poste Prioritéit par rapport zu den Employéë kréien.

✓ Regularisatioun vun de Candidats sursitaires

Nodeems duerch den energeschen Asaz vun der FÉDUSE d'Gesetz zur Regularisatioun vun de Candidats sursitaires a Kraaft getruede war, hu mir déi iwwer 600 Candidats sursitaires bei den Demarchen zur Regularisatioun vun hirem Statut ënnerstëtzt. Datselwecht Gesetz gesäit och vir, dass déi Professeren a Formateurs d'adultes, déi nom 1. Oktober 2015 entweder hiren TC agereecht oder iwwert de Wee vun Iwwerstonne regulariséiert goufen, hir Karriär op den Oktober 2015 zréckgerechent kréien. Si alleguer kréien doduerch am Oktober 2025 - also nach dëst Joer - en Avancement vun zwee zousätzlechen Echelons (am Normalfall sinn dat 30 p.i.), deen si urspréinglech eréischt méi spéit kritt hätten.

✓ Ophiewe vum Blockage vun der Karriär am Echelon 13

Nodeems Honnerten Enseignanten an hirem Karriärsverlaf blockéiert waren, respektiv riskéiert haten an hirer Karriär blockéiert ze ginn, well si opgrond vun Deelzäitaarbecht beim Erreeche vum Echelon 14 nach net déi noutwendeg 180 Stonne FoCo opweises hunn, huet d'FÉDUSE bewierkt, dass den Educatiounsminister all deenen Enseignanten eng Dispens ausstellt, déi déi laut hirer Tâche entspriechend Mindestzuel un obligatoresche FoCo-Stonne Joer fir Joer geleescht hunn. Duerch eisen Asaz koum et a ville Fäll zu engem retroaktive Recalcul vun der Pai.

FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

✓ Begleede vun der Ëmsetzung vum Gesetz zum CET

D'Gesetz vum Zäitspuerkont (CET), dat exklusiv vun der CGFP ausgehandelt gouf an am Oktober 2018 a Kraaft getruede war, erfreet sech bei den Enseignantë grousser Beléiftheet. Vill vun den technesche Froen, déi bei der Ëmsetzung vun dësem revolutionären Outil am Enseignement secondaire opgetruede ware konnte mir schonn am konstruktiven Dialog mam MENJE behiewen, esou z.B. dass den ACT72 am Fall vun enger Décharge CONET net proratiséiert gëtt (ausser bei 100% CONET). Och bei deenen nach verbleiwenden Ongereimtheeten, besonnesch a punkto Harmonisatioun op nationalem Niveau, steet d'FÉDUSE kuerz virum Duerchbroch.

✓ Verhënnere vun Direkteren aus dem Privatsecteur

Nëmmen duerch eisen energeschen Asaz, mat der Ënnerstëtzung vun der CGFP-Spëtzt, konnt verhënnert ginn, dass d'Dier opgemaach gëtt fir d'Direktiounsposten a Lycéeën an Instituter mat Quereinsteiger aus dem Privatsecteur kënnen ze besetzen. Genee dëst war nämlech d'Zil vun engem Gesetzesprojet, deen den Educatiounsministère Enn 2020 op den Instanzewee bruecht hat.

✓ Aarbechtsgrupp zur Vereinfachung vun der Matricule continue

D'Aféiere vun der Matricule continue, wärend der Covid-Pandemie, huet den administrativen Opwand fir d'Enseignantë weider erhéicht. Nodeems mir an enger Ëmfro bei eise Memberen zur Matricule continue konkret Verbesserungsvirschléi gesammelt hate war eise Message un déi Verantwortlech vum MENJE kloer : d'Matricule continue muss entweder radikal vereinfacht, oder komplett ofgeschaaft ginn. An engem doropshi gegrënnte bilateralen Aarbechtsgrupp gi momentan ganz konstruktiv Diskussioune gefouert. Fir d'FÉDUSE ass jiddefalls kloer, dass nëmmen e ganz benotzerfrëndlechen Outil, deen eng reell Plus-value par rapport zum traditionelle Carnet de notes duerstellt, an zwar esouwuel fir den Enseignant, ewéi och d'Schüler an hir Elteren, breet Akzeptanz fanne kéint.

✓ Koeffizienter fir d'Professeren an d'Formateurs d'adultes an der ENAD

Säit dem Schouljoer 2023/2024 kréien d'Enseignanten an der ENAD endlech och Koeffizienter op hire Schoulstonnen a kréien ee fir si spezifeschen ACT36 an hirer Tâche verrechent.

✓ Verhënnere vun administrativer Schikan bei Primo-arrivants

Am Gesetzesprojet zum Service de l'intégration et de l'accueil scolaires (SIA), deen 2022 deposéiert gouf, war urspréinglech virgesinn, dass d'Enseignantë vu Primo-Arrivanten speziell Fichen erstelle missten, fir deenen anere Schüler aus der Klass de geographeschen a kulturelle Kontext vun hirem neie Klassekomerod méi no ze bréngen. Eréischt duerch den energeschen Asaz vun der FÉDUSE konnt dësen zousätzlechen administrativen Opwand verhënnert ginn. Elo ginn déi besote Fichen nämlech vum SIA selwer erstallt.

FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

✓ Errongenschafte wärend der Pandemie

Fir d'Enseignantë war d'Schoulhale wärend der Pandemie eng immens Erausfuerderung an eng grouss Belaaschtung. De Comité vun der FÉDUSE war a permanentem Austausch mat de Responsabele vum MENJE a huet d'Suerge vum Terrain u si weidergeleet. Ënner anerem ass et der FÉDUSE heibäi gelongen, dass schwangere Fraen d'Recht op Teletravail zougestane gouf, obwuel si net offiziell als vulnerabel Persoune gelëscht goufen. Well den IFEN fir eng länger Zäit keng Formatiounen en présentiel ugebueden huet an d'Auswiel un Online-Formatiounen ugangs staark begrenzt war, hat d'FÉDUSE sech erfollegräich dofir agesat, dass déi lafend FoCo-Referenzperiod ëm dräi Méint verlängert gouf.

✓ Enk Zesummenaarbecht mat eise Schwëstersyndikater

Allgemeng sief nach ernimmt, dass d'FÉDUSE eng enk a konstruktiv Zesummenaarbecht mat all hire CGFP interne Schwësterorganisatioune fleegt, déi jeeweils fir hire spezifeschen Domaine am Enseignement zoustänneg sinn. Et handelt sech heibäi ëm den SNE *(Syndicat national des enseignants)*, d'AMET *(Association des Maîtres d'Enseignement)*, d'ALEPS *(Association des Enseignants pour profession de Santé)*, d'APEP *(Association des Professeurs d'Éducation physique)*, d'ADIL *(Association des membres des directions des lycées publics luxembourgeois)*de SLO *(Syndicat du personnel d'enseignement logopédique)*, de SPEBS *(Syndicat du personnel de l'Éducation nationale œuvrant spécifiquement dans l'intérêt des élèves à besoins éducatifs spécifiques)* an d'OEE *(Organisation des Employés de l'Enseignement)*.

Réckbléck op de Geriichtsprozess zum Dossier "Première nomination"

No grëndlecher juristescher Analys war de Comité vun der FÉDUSE Enn 2020 zur Iwwerzeegung komm, dass d'Karriär vun deene Professeren a Formateurs d'adultes, déi virun Oktober 2015 hir definitiv Nominatioun haten, eigentlech schonn ab hirer Nominatioun als Candidat misst berechent ginn, an net eréischt ab hirer definitiver Nominatioun.

Stellvertriedend fir Dausende potenziell betraffene Kolleeginnen a Kolleegen hat doropshin ee vun eise Comitésmembere beim Tribunal administratif Klo agereecht an eng Rekonstitutioun vu senger Karriär op Basis vu senger Nominatioun als Candidat verlaangt. D'Freed war grouss, wéi hien no 2,5 Joer Waardezäit op ganzer Linn Recht krut. Well dëst Urteel fir ganz vill Professeren, Formateurs d'adultes an Direktiounsmembere potenziell e ganz positiven Impakt hat, huet d'FÉDUSE déi betraffe Leit direkt beim Afuerdere vun hire Rechter ënnerstëtzt.

Nodeems mir onheemlech vill Zäit an Energie an dëse Prozess investéiert haten, waren d'Enttäuschung an d'Frustratioun deementspriechend riseg, wéi d'Urteel am Fréijoer 2024 an zweeter Instanz annuléiert gouf.

Och wann dëse konkrete Fall leider net zu eise Gonschten ausgaangen ass, esou hu mir awer gewisen, dass d'FÉDUSE bereet ass, sech och op juristeschem Plang bis an déi lescht Instanz fir d'Rechter vun den Enseignanten anzesetzen!

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2025

FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

D'KANDIDATE VUN DER CGFP-FÉDUSE

LËSCHT 1

GUIRSCH Mona

Professeur d'allemand à l'Athénée
Secrétaire générale et Trésorière FÉDUSE
Membre du Comité fédéral de la CGFP
Attachée à la direction et déléguée SFA
Formatrice IFEN
Assesseur élu de la CHFEP

HEYMANS Bob

Professeur de mathématiques au LJBM
Membre du comité de la FÉDUSE
Membre suppléant du Comité fédéral de la CGFP
Membre de la CNESC – mathématiques

KOHNEN Gilles

Professeur de chimie au LAM
Secrétaire de la FÉDUSE
Membre du comité fédéral de la CGFP
Conseiller didactique et formateur à l'IFEN
Membre élu de la CHFEP

SCHOLTES Raoul

Professeur de biologie au LCE
Président de la FÉDUSE
Membre du Comité fédéral de la CGFP
Président de la CNESG - Sciences naturelles
Vice-Président du Conseil Supérieur de l'Éducation nationale

D'Walziedele musse **bis den 26. Mäerz erëm zeréck am Walbüro** sinn.
Dofir schéckt Äre Vote fréi genuch fort
an **erënnert och Är Kolleegen** heirun!

Duerch all Är 4 Stëmmen: Staark fir d'Enseignanten!